N°7720
Entrée le 07.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 08.03.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/03/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mëttelstand weiderzeleeden.**

Ufanks Mäerz huet d'Online-Plattform reporter.lu iwwert Mëssstänn bei dem mat mindestens 21 Milliounen Euro subventionéierte Science Center geschriwwen. Dës Mëssstänn goufe vun direkt e puer Quellen ervirbruecht an och un eis si Persounen erugetrueden déi, zumindest Deeler, aus dëse Revelatioune confirméiert hunn. Rieds geet vu Verstéiss géint d'Néierloossungsrecht, opaque Finanzstrukturen déi un d'Konstrukt vun der Superdreckskëscht erënneren an e Gérant, dee Suen hin an hir réckelt, wéi et e grad arrangéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister confirméieren datt GGM 11 S.à r.l. de 6. Mäerz keng gülteg Autorisation d'établissement hat?

2. Hat GGM 11 S.à r.l. de Ministère, wéi den Artikel 29 vum Gesetz iwwert d'Autorisation d'établissement et virgesäit, innerhalb vun 1 Mount iwwert den Doud vum *gérant technique* informéiert?

3. Gouf GGM 11 S.à r.l. duerno eng temporär Autorisatioun wéi am Artikel 29 virgesinn, ausgestallt?
   - Wa jo, gouf dës verlängert a wa jo, wéini?
   - Wa nee, zanter wéini ass d'Firma ouni Autorisation d'établissement?

4. Huet de Ministère déi am Gesetz virgesinnen Demarchen déclenchéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

**Äntwert vum Minister fir Mëttelstand an dem Minister fir Educatioun, Kanner an Jugend op d'parlamentaresch Fro n° 7720 vum 7. Mäerz 2023 vum Här Deputéierten Sven Clement.**

D'Societéit GGM 11 S.à.r.l. huet säit dem 27.8.2022 keng Autorisation d'établissement méi. Et ass nom Doud vum Gerant keng Informatioun vun der Societéit un d'Direktioun vum Mëttelstand erugedroe ginn. Deemno gouf och keng temporär Autorisatioun ausgestallt.

Lëtzebuerg, den 11/04/2023.

De Minister fir Mëttelstand

(s.) Lex Delles